LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par : Nathalie Weber
Tél. (+352) 247-86352

Le Ministre de la Sécurité sociale
à
Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

REÇU
Par Christine Wirtgen , 16:52, 07/08/2020

Luxembourg, le 7 août 2020

Référence : 833x5b580

Objet : Question parlementaire n°2488 du 6 juillet 2020 de Monsieur le Député Sven Clement au sujet de la visibilité du code de diagnostic sur les certificats d'incapacité de travail

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n° 2488 du 6 juillet 2020 de Monsieur le Député Sven Clement au sujet de la visibilité du code de diagnostic sur les certificats d'incapacité de travail.

Je vous saurais gré de bien vouloir la transmettre à la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Le Ministre de la Sécurité sociale

Romain SCHNEIDER

Annexe(s) : Réponse à la question parlementaire n°2488

26, rue Ste Zithe
L-2763 Luxembourg
Tél. (+352) 247-76320
Fax (+352) 247-86328
mss@mss.etat.lu
www.mss.public.lu
www.gouvernement.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir d'sozial Sécherheet an der Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 2488 vum Här Deputéierte Sven Clement iwwert d'"Visibilitéit vum Code Diagnostik um Krankeschäin

Wärend dem Confinement huet d'Agence eSanté, en Collaboratioun mat der Gesondheetskeess (CNS) eng Solutioun fir d'Téléconsultatioun op d'Been gestalt fir Deplacementer an d'Cabinete vun den Dokteren esou gutt et geet ze limitéieren. Dat ganzt huet missten an extremer Urgence geschéie well et esou e System virdrun nach net gouf.

Et ass esou dat um Krankeschäin den un d'CNS geschéckt gouf de Code Diagnostik huet missten drop ze gesi sinn. Dat ass de Grond wisou een dëse gesinn huet. Dës Praxis ass konform zum Secret médical well just de Patient de Krankeschäi mam Code Diagnostik kritt huet. An der Attente vum Developpement vun engem Digitalen Dokument mat deenen 3 verschiddenen Exemplairen, wou um 2 Exemplaire fir de Patron kee Code drop ass, huet de Patient verschidde Méiglechkeete gehat:

- Hien konnt de Krankeschäin tel quel, dat heescht mam Code Diagnostik drop digital u säi Patron schécken.
- Eng Kopie vun dem Dokument un de Patron schécken andeems en de Code Diagnostik schwaarz verfirwt, ouni awer aner Elementer vum Krankeschäin ze änneren.
- Hien konnt den Dokter froe fir him de Formulaire vum Krankeschäi per Post ze schécke wou en Exemplaire dobäi ass ouni Code Diagnostik fir de Patron.

Der CNS ass opgefall dat verschidden Assuréen de Krankeschäin tel quel un hire Patron geschéckt hunn ouni sech Gedanken driwwer ze maachen op se de Code Diagnostik wëlle mat kommunizéieren oder net. Doropshin huet d'CNS folgendermoosse reagéiert:

- Éischtens hunn se hiren Délégué à la protection des données chargéiert eng Deklaratioun un d'CNP ze redigéieren déi den 22. Juli 2020 verschéckt gouf.
- Zweetens huet d'CNS zesumme mat der Agence eSanté decidéiert nom Confinement de Logiciel vun der Teleconsultatioun provisoresch zouzemaache fir e puer Korrektiounen a Verbesserunge virzehuelen. Dei nei Versioun déi zënter dem 14. Juli 2020 erëm leeft erméiglecht d'Produktioun ënnert Digitaler Form vum Exemplaire dee muss un d'CNS goen, erlaabt dem Assuré eng Kopie ze archivéieren a gesäit och en Exemplaire ouni Code Diagnostik fir deen den Assuré kann un de Patron schécken.

Déi nei digital Versioun vum Krankeschäi bréngt eng considerabel Administrativ Vereinfachung mat sech. Déi Persoun déi de Krankeschäin awer léiwer net wëll digital era schécke kann awer weiderhin den Dokter froe fir him de Krankeschäin op Pabeierformat ze schécken.